


# De Louis



## De Schierener Buet

No 01 März 2001

**Titelphoto**

## Gemengenhaus

Villa Toussaint, op Nummer 90 an der Route de Luxembourg, ass am Joër 1905 gebaut gin. 1988 huet d'Gemeng d'Gebei vun der Famill Toussaint ofkaf a renovéiert. Dräi Joer méi spéit, 1991, war d'Aweihung vun der Villa Toussaint als Gemengenhaus. D'Geschicht vun der Villa Toussaint gëtt an enger spéiderer Nummer virgestallt.

### An dëser Nummer


*Wuert vum Buurgemeeschter* ............................... 1
*Wuert vum Redaktiounscomité* ............................... 2
*De Gemengebuet* ............................... 3
*Aus der Toussengsvilla* ............................... 5
*Etat civil* ............................... 12
*Eis Schoul* ............................... 15
*Schieren gëschter an haut* ............................... 19
*Erëmgekropt, nogesicht, de läschte Beschass* ............................... 20
*Eis Veräiner* ............................... 21
*Manifestatiounskalenner* ............................... 26
*Nëtzlech Adressen* ............................... 27


---


**Redaktioun an Zesummesetzung**
Guy Berwick, Mil Goerens, Jos Nerancic, Camille Pletschette, André Schmit.

**Entworf vum Deckel**
Camille Schaul.

**Drock**
Imprimerie du Nord, Diekirch.

**Oplo**
600

**Präiss**
Eenzelnummer 3 Euro, Abonnement 12 Euro.



De Schäfferot iwwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen. e-mail: de.louis@gmx.net




Photo: Jos Nerancic

## Virwuert vum Buergermeeschter



*... eng Zeitung fir d'Schierener Leit aus eiser Gemeng vun a mat de Leit aus eiser Gemeng...*

Dës puer Wuert sollen hei am Ufank stoen, a wann Dir di éischt Zeile vun eiser neier Gemengenzeitung liest, kënnt Dir all e bëschen houfreg sin... wëll ët gin nët all ze vill Gemengen hei am Land déi eng eegen Zeitung hun, duerfer direkt am Ufank ee grousse Merci un all déi Leit a speziell de „Comité de rédaction" déi matgehollef hun „De Louis", wéi mir dëst Bleedche gedeeft hun, an d'Liewen ze ruffen.

„De Louis" – a firwat da grad „De Louis", frot Dir lech. Mais do gräife mir emol an äis Gemengenarchiven a fannen, datt fréier de Leit all wichteg Sachen an Neiegkeeten aus der Gemeng iwwert den Ausriffer matgedeelt goufen. D'Gemeng huet als ee Gemengebuet chargéiert mat der Schell duerch d'Stroossen ze zéihen an dat auszeruffen, wat soss am Reider aushong. De lëschten offiziellen Ausriffer deen eis Gemeng agestallt hat war Wollefs Louis, deen also elo posthum nach eng Kéier zu Eiere kënnt.

*Firwat esou eng Zeitung?*
- fir Zäit erëm ze kréien? – fir Leit ze beschäftegen? Bestëmmt nët...!
Fir d'Leit ze informéieren, ze ameséieren, an heiansdo eppes klenges ze léieren, -oder einfach jidderengem e bësse Freed ze maachen, - duerfir soll si do sin. D'Verantwortung fir de „Louis" ënnerläit der Gemeng an e gëtt gratis un all Stod aus eiser Gemeng verdeelt. Leit, déi nët an eiser Gemeng wunnen, a sech fir d'Zeitung interesséieren, kënne se schrëftlech um Gemengesekretariat bestellen an abonéieren.

*De „Louis" huet dräi Voleten:*
Den éischte Volet ass fir d'Gemeng an hirt internt Liewe reservéiert, d.h. Dir kritt Informatiounen iwwert d'Kommunalwiesen. Dozou gehéieren z.B. Rapporten vun de Sëtzungen, Virstelle vu Gemengereglementer a –projeten, aktuell Informatiounen iwwert d'Gebuerten, Anniversairen, Bestiednisser an déi di eis fir ëmmer verlooss hun;
Den zweete Volet ass fir eis sëlleche Veräiner geduecht, déi op dëser Platz hir Aktivitéiten a Manifestatioune matdeelen oder virstelle kënnen, an och soss iwwert hir Veräinsliewen vu fréier an haut dierfe schwätzen;
Am drëtte Volet werfe mir ee Bléck an d'Geschicht vun eiser Gemeng, presentéiere Kulturelles, Kuriositéiten, di eng oder aner Schoulsäit gëtt reservéiert fir eis grouss a kleng Schüler,... och e Knoutereck, wou all schrëftlech Kritik, déi un eis erugedroe gëtt, hir Plaz anhëllt.

*De „Louis" kennt keng politesch Faarw*

Een Ufank ass gemeet – déi éischt Nummer vum „Louis" läit um Dësch, Mir hoffen, datt ët eis gelengt all dräi Méint eng Editioun eraus ze gin, an <u>dat</u> ënner anerem och fir d'Zesummeliewen an eisem Duerf ze erhalen.

Äere Buergermeeschter
Jos Lutgen

# Virwuert vum Redaktiounscomité



Elo hu mer se virun eis, déi éischt Nummer vum „Louis". Wéi de Numm zustane komm ass, ass op eng anerer Plaz erklärt.

„Mir", de Redaktiounscomité, hun eis no enger Informatiounsversammlung mat de Veräiner am Januar een Datum festgesat, wéini déi éischt Ausgab vum „Louis" soll erschingen. Duerch déi gudd a konstruktiv Zesummenaarbecht ass ët eis esou guer gelongen, virum geplangten Delai déi éischt Nummer erauszeginn.

Wat an den anere Gemengen „De Reider" oder „De Gemengebuet" ass, heescht hei zu Schieren „De Louis", eng Informatiounsquell an zugläich eng Zort Geschichtsbuch an Noschlowierk, dat sech mat der Zäit wéi ee Puzzle vervollstännegt.

D'Zeitung huet eng fest Struktur mat verschiddenen Ennerdeelungen a vill Informatiounen, vun Aktuelles bis Zäitgeschicht an nach vill méi. Mir spueren eis op dëser Plaz am Detail op d'Zeitung anzegoen, well déi verschidde Rubriken gin an der Zeitung nach eng Kéier erklärt.

Et ass virgesinn, datt d'Zeitung all dräi Méint erauskënnt. D'Zesummenaarbecht mat de Veräiner an de Schierener Leit oder mat deene Leit, déi sech fir Schieren interesséieren, ass immens wichteg a jiddereen ass invitéiert fir aktiv matzeschaffen, seng Viirstellungen, Themen, nei Iddien oder Verbesserungen matzedeelen.

Verbesserunge sin ëmmer wëllkomm a gin och gemeet. Fir dat awer méiglech ass, muss ee Grondsteen geluegt gin, wat heimadden geschitt ass. An der nächster Nummer falen d'Erklärungen zu den eenzelne Rubriken ewech sou, datt ët dann méi Fotoën a manner drechenen Text dra sin. Och um Layout kann dann méi geschafft gin.

An der éischter Nummer sin d'Sprooche lëtzebuergesch a franséisch. Mat dem Lëtzebuergesche wëlle mir versichen, déi Sprooch ze schreiwen, déi mer all Dag schwätzen. Et ass nit einfach perfekt ze schreiwen, mais ët gin eng Reih Richtlinnen an der lëtzebuerger Grammatik a Schreifweis, déi een ouni gréisser Problemer kann uwenden. Och wäerte mir versichen Tippfeler ze vermeiden a sollt mol den een oder aneren Tippfeler optauchen, sou ass dat nit gäer geschitt.

Leider ass ët nit méiglech fir alles an den éischte puer Ausgaben ënnerzebrengen. Dofir biede mir d'Veräiner an d'Leit schons am Viraus ëm Versteestemech. Et soll nit esou sin, datt déi éischt Nummeren d'Déckt vun engem Buch hun, well jidderee seng Saachen a Berichter wëll ënnerkréien, an duerno d'Zeitung nach e puer Säiten huet, well „dat ganzt Polver scho verschoss ass".

Jiddereen, deen un enger Mataarbecht interesséiert ass, ka sech bei engem Member aus dem Redaktiounscomité mellen an ass wellkomm.

De Redaktiounscomité



*** De Kantonaldag vun de Pompjeeën gëtt all zwee Joër an enger anerer Uertschaft aus dem Dikricher Kanton organiséiert. De läschte Kantonaldag war zu Buurschent um Schlass. De Kantonaldag ass en Dag fir de Pompjee a seng Famill mais jiddereen ass invitéiert un dësem Pompjeesfest deelzehuelen. Am Laf vum Nomëtteg ass an der Industriezon beim Pütz eng grouss Übung. Simuléiert gëtt een Zuchongléck an d'Rettungsekippen aus der ganzer Géigend gin op d'Plaz geruff. De Kantonaldag gëtt mat Danzmusek a flotter Ambiance ofgeschloss.

# Nëtzlech Adressen

ADMINISTRATION COMMUNALE SCHIEREN
90, route de Luxembourg L-9125 Schieren
Tel : 81 26 68 Fax : 81 67 87
Heures d'ouverture :
lundi et vendredi de 8.00 à 11.30 heures
mardi et mercredi de 8.00 à 11.30 heures et de 14.00 à 17.30 heures
jeudi: fermé

| | | |
|---|---|---|
| Secrétariat: | Tel : 81 26 68 | M. Schaul Camille (secrétaire) |
| Recette: | Tel : 81 83 79 | M. Michels Gast (receveur) |
| Service technique: | Tel : 81 16 46 / 021 160 886 | M. Schumacher Luc (technicien) |
| Atelier communal: | Tel : 81 26 60 / 091 81 26 60 | M. Stelmes Roger (contre-maître) |
| Hall Sportif: | Tel : 81 16 27 / 81 16 28 | M. Bartholmé Raymond (concierge) |

| | |
|---|---|
| AUTORISATION DE CONSTRUIRE, démolition, transformation, façade, ...<br>(=> renseignements / demandes écrites ) | Administration Communale<br>(Service technique)<br>Tel: 81 16 46 |
| Réseaux EAU – CANAL<br>(=> renseignements / demandes écrites ) | Administration Communale<br>(Service technique)<br>Tel : 81 16 46 |
| ELECTRICITE<br>(=> renseignements / demandes écrites ) | CEGEDEL L-2089 Luxembourg<br>Tel: 26 24 1 |
| TELEPHONE, ISDN, INTERNET<br>(=> renseignements / demandes écrites ) | POSTES ET TELECOMMUNICATIONS<br>Division des Télécommunications,<br>L-2999Luxembourg |
| GAZ<br>(=> renseignements / demandes écrites ) | Luxgaz Distribution<br>9, rue Ed. Reuter<br>L-5326 Contern<br>Tel: 355 444-1 |
| ANTENNE COLLECTIVE<br>(=> renseignements / demandes écrites ) | Antenne Collective Schieren<br>Tel : 81 29 20<br>M. Bauler Armand<br>26, rue du X Septembre / Schieren |
| PERMISSION DE VOIRIE<br>(=> renseignements / demandes écrites ) | Adminstration des Ponts et Chaussées Diekirch<br>1, rue de Stavelot L-9280 Diekirch<br>Tel : 80 32 25-1 |
| DECHETS: S.I.D.E.C.<br>(Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets) | b.p. 91<br>L- 9201 Diekirch<br>Tel : 80 89 83 |
| Enlèvement déchets électroniques | Atelier communal<br>Tel : 81 26 60 |
| Collecte matières encombrantes | Secrétatiat<br>Tel : 81 26 68 |
| S.I.D.E.N. (Synicat intercommunal de dépollution des eaux résiduairs du nord) | L-9359 Bleesbrück<br>Tel : 80 28 99-1 |

L.Schumacher

# Manifestatiounskalenner

| Datum | Dag | Manifestatioun | Organisator |
|---|---|---|---|
| 01.04.01 B | Sonndeg | | |
| 08.04.01 | Sonndeg | Kaffisstuff an der aaler Gemeng(Apéritif +ab 13.30 Auer)<br>Nationalkongress CTF | Fraen an Mammen<br>Gaart an Héem |
| 14.04.01 | Samsdeg | Ouschtereeërverkaf | D'Jugend |
| 15.04.01 | Sonndeg | Ouschteren | |
| 18.04.01 vun 8 Auer un | Mëttwoch | Grouss Kleedersammlung zu Schieren (All Zort vun Gezei) | Aide aux Enfants Handicapés du Grand-Duché |
| 22.04.01 | Sonndeg | Familjemass | Porrot |
| 25.04.01 | Mëttwoch | Kiirchebotz fir d'Kommiounskanner | Fraen a Mammen |
| 28.04.01B | Samsdeg | | |
| 29.04.01B | Sonndeg | Bingoswend ab 17 Auer an der Sportshal | Basket |
| 01.05.01 | Densdeg | 1.Meefeier | Veräiner |
| 06.05.01T/B | Sonndeg | 1.Kommunionsfeier | |
| 08.05.01 | Dënsdeg | Oktavandacht | Fraen a Mammen |
| 09.05.01 | Mëttwoch | Schieren pilgert an d'Oktav<br>20 Auer: Viirstelle vum Land-schaftsplang vun der Gemeng Schieren duerch den Oeko Büro Remeleng am Sall rue du Moulin | Emweltkommissioun zesumme mat der Gemeng |
| 12.05.01B | Samsdeg | Generalversammlung | D'Jugend |
| 13.05.01B/T | Sonndeg | | |
| 20.05.01 | Sonndeg | Summerfest | Turnverein |
| 24.05.01T | Donneschdeg | Jugendtournoi | Football |
| 25.05.01 | Freideg | Generalversammlung | Basket |
| 26.05.01 | Samsdeg | Ausflug | Fraen an Mammen |
| 27.05.01T | Sonndeg | Familjemass | Porrot |
| 02.06.01 | Samsdeg | Hämmelsmarsch | Musek |
| 03.06.01 | Sonndeg | Hämmelsmarsch<br>Kirmes zu Schieren | Musek |
| 04.06.01 | Méindeg | Kiirmesmätsch | Veterans FC |
| 09.06.01 T | Samsdeg | Scéance académique 75 Joer Gaart an Heem Schieren | Gaart an Heem |
| 10.06.01 T | Sonndeg | Mammendagsfeier an der Sportshal | Gaart an Heem |
| 15.06.01 | Freideg | Generalversammlung | Theaterfrënn |
| 16.06.01 T | Samsdeg | Kantonaldag*** | Pompjeeën |
| 17.06.01 T | Sonndeg | Fronleichnamsprozession / Fête populaire | |
| 23.06.01 T | Samsdeg | Nationalfeierdag | Gemeng |
| 24.06.01 T | Sonndeg | | |
| 29.06.01 | Freideg | Generalversammlung | Football |
| 30.06.01 T | Samsdeg | | |
| | | | |
| Note : B=Basket<br>T=Tennis | | | |

Source: Manifestatiounskalenner



# De Gemengebuet

D'Fonktioun vum Gemengebuet am richtege Sënn vum Wuert, ass et, wann ee mat deene Leit schwätzt, déi sech nach drun erënneren kënnen, nëmme vun 1918 bis1977 ginn. Si war charakteriséiert doduerch dat de Buet mat enger Schell durch d'Duerf gaangen ass an dann all 20 bis 30 Meter mat Schellen opgehal huet a mat kräfteger Stëmm de Leit d'Neiegkeeten ausgeruff huet, déi d'Gemeng hiren Awunner matdeele wollt. Obschons an de 70-er Joeren den Nic Theis nach heiansdo mat der Schell durch d'Stroossen gaangen ass, louch des Fonktioun awer haaptsächlech an den Hänn vun zwee Männer, an zwar:

Den Nic Boudler (1875-1969). Hien war zënter 1912 Schnedder zu Ettelbréck am Spidol an huet 1918 zousätzlech d'Charge vum Gemengebuet iwwerholl. Hie war 1940 pensionsberechtegt, ass awer bis 1953 mat der Schell gaangen.



*Nic Boudler*

De Louis Wolff (1906-1997). Hien war als Gemengenaarbechter agestallt, wou hien sech haaptsächlech ëm déi Schierener Waasserbasengen bekëmmert huet; den zweete Volet vun senger Fonktioun war de Gemengebuet, wat hie mat vill Engagement vun 1953 bis 1977 gemaach huet.

Nom Louis Wolff senger Pensioun ass d'Aarbecht vum Gemengebuet lues an lues vun Zeitungspublikatiounen, Flugziedelen an offiziellen Kommunikéen iwwerholl ginn an domat war erëm e Stéck Duerfidyll ausgestuerwen.

Aus wat huet dann elo d'Responsabilitéit vum Gemengebuet bestaan? Och wa mir nët alles bis an dei lescht Klengegkeet eremfond hunn, sollen hei awer d'Haaptfonktioune beschriwwen ginn:

- Ausruffe vun Ofspäeren an Reparaturen vun Waasserleitungen;
- Annoncéiere vun Holzsteeën an Ausriffer och op der Stee;
- Ausruffe vun de Verpachtunge vu Lännereien vun der Gemeng an der Kiirchefabrik;
- Ausruffe vun der Verdeelung vun Juegd- an Fëschereigelder;
- Ausruffe vu Versammlungen oder aaneren öffentleche Manifestatiounen;
- Ausruffe vun der Stee wann e Stéck Wëld iwwerrannt gouf;
- Verdeele vun Aberufungsziedele fir Gemengerotssitzungen;
- Verdeele vu Gemengerechnungen a vu Stëmmziedelen virun de Wahlen;
- Aushänke vu Publikatiounen am Gemengeredder;
- Eng onangenehm Aufgab ass dann am Krich nach derbei komm, an zwar d'Ausruffe fir den däitschen Okkupant vum Beflaggungszwang vun den Haiser mam Hakekraizfändel.

Zousätzlech dann hei nach e puer Anekdoten, déi aus der Zäit vun de Gemengebueten iwwerliwwert goufen:

• Bei den Holzsteeën, déi am Bësch ofgehaale goufen, sinn der Reih no d'Konditiounen virgelies ginn, an duerno huet den Nic Boudler aus sengem eegenen Repertoire nach eng Konditioun derbei gefleckt: „Dei Leit dei hirt Holz vum leschte Joer nach net verbrannt hunn, kréien keen neit zougeschloen".

• 1948, also kuerz nom Krich, sinn arem Wiener Kanner fir eng ettlech Woche bei e puer Familljen komm, esou wei haut och Kanner aus Russland oder Tschernobyl kommen, fir e puer Wochen Erholung mat guddem Kascht hei ze verbrengen. E puer Leit hun du gesot, si géifen och nach ewell sou ee Kand ophuelen. Dorophin huet de Buergermeeschter Hubert Schlechter de Gemengebuet Nic Boudler ugestallt, sech sonndes no der Mass an den Kiirchgäerdchen ze stellen an den Interessenten matzedeelen, sech beim Buergermeeschter ze melden. Den Nic Boudler huet sech dann no der Mass dohin gestallt an hien huet de Leit folgendes gesot: „Déi Fraen, déi nach gäer een Kand hätten, solle sech un de Buergermeeschter wenden".

• Op enger Holzstee am Jongebësch huet ët riicht eran gereent, an den Interesse vun den Leit huet sech a Grenzen gehalen. Et hunn dann e puer Leit dem Louis Wolff zougeruff, hien soll selwer drop steen, fir dat et geng virugoen. De Louis huet ganz daper geruff: „300 Frang, 300 Frang, 300 Frang fir d'eischt". Aus dem Dréchenen, wou di meescht schon beim Branntewein waren, huet den Nic Schuster gejaut: „Schlo se nëmmen zou an dann kënns de ënner Daach". Dunn huet de Louis ganz traureg gefrot: „Ma an wiem dann?"

••••••••••••••••••••••••••••••••••

Le messager communal

Selon les dires des gens qui peuvent encore s'en souvenir, la fonction de messager communal existait uniquement entre les années 1918 et 1977. Elle consistait dans le fait que le messager parcourait le village avec une sonnette, et, tous les 20 à 30 mètres, arrêtait de sonner et annonçait à haute voix aux habitants les nouvelles que la commune voulait faire parvenir aux gens. Bien que dans les années 70, on vît encore parfois Nic Theis avec la sonnette dans les rues de Schieren, cette fonction était essentiellement exécutée par deux hommes, à savoir :

Nic Boudler (1875-1969). Il était depuis 1912 tailleur à l'hôpital neuro-psychiatrique d'Ettelbruck, et à partir de 1918, il assumait en surplus la fonction de messager communal. Il avait droit à la retraite en 1940, mais continuait à faire des annonces aux habitants du village jusqu'en 1953.

Louis Wolff (1906-1997). Il était engagé comme ouvrier communal, où une de ses fonctions principales était la surveillance et le fonctionnement des réservoirs d'eau potable ; un second volet était le messager communal, une fonction qu'il a assumé avec beaucoup d'engagement de 1953 à 1977.



*Louis Wolff*

Après la mise en retraite de Louis Wolff, la fonction de messager communal a peu à peu été remplacée par des publications de presse, des feuilles volantes ou encore des communiqués officiels, faisant disparaître par ce fait un aspect idyllique de la vie villageoise de jadis.

Quelle était donc la responsabilité du messager communal? Même si nos recherches n'ont pas



## !!! Info de dernière minute !!!

**Fusion des clubs de football „FC Jeunesse Schieren" et „FC Etzella Ettelbruck" sous le nom de**

## „FC Nordstad"

Prochainement aura lieu une première réunion d'information quant à une éventuelle fusion des clubs de football d'Ettelbruck et de Schieren, clubs liés depuis de longues années par une amitié plus que profonde.

Candidat au poste de président serait un dénommé J.Z.

Une fusion aurait l'avantage pour le FC Etzella d'éviter des conséquences sportives et financières de la part de la FLF suite à l'affaire de corruption et assurera pour le FC Jeunesse Schieren sa montée en division nationale.

Rendez-vous pour tous les intéressés à la buvette du FC Jeunesse Schieren le dimanche, premier avril à 18 heures après le match de football.

D'Zäit vun de Fusiounen huet och an eise lokale Foussballveräiner ëm sech gegraff. E Sonndeg treffe sech d'Comiteeë vum FC Etzella a vum FC Jeunesse Schieren an der Buvette am Géier zu enger éischter öffentlecher Gespréichs- an Informatiounsronn.

Aus gudd informéierte FLF-Kreesser si mer gewuer gin, datt duerch eng Fusioun den FC Etzella Ettelbréck laanscht eng Sanktioun kënnt (cf. Mätsch géint Mäerzeg) an den FC Jeunesse Schieren an der Nationaldivisioun vertrueden ass.

Des Weideren ass am Gespréich, datt ee gewësse J.Z. den éischte Präsident vum FC Nordstad soll gin. De Rendez-Vous ass demno e Sonndeg nom Mätsch, den 1. Abréll, um 18 Auer.

Et läit eis um Häerz, dat alles wat mir mat eise Virgängerinne mat vill Energie a Léift op d'Been gesat haten, nit am Sand verleeft, well ët haut nit méi interessant ass, sech bénévol fir seng Matmenschen anzesetzen.

Duerfir ziele mir am Joer vum Bénévolat op d'Ennerstëtzung vun deene villen jonke Mammen hei am Duerf, dëse Veräin virunzeféieren.

Mir hun demnächst nach eng Versammlung ënnert eis, den Datum steet nach nit fest. Wann awer een interesséiert ass, kann ee sech melden beim Marianne Zeimes, Tel. 81 88 53 oder beim Maryse Schmit, Tel. 81 86 75.

Wann eisen Opruff keen Erfolleg huet, si mir forcéiert de Veräin opzeléisen.

---

## U wie muss ech mech wenden?

| Veräin | Kontaktpersoun | Tëlëfon |
|---|---|---|
| Antenne collective | Armand Bauler | 81 29 20 |
| Amiperas | Maggy Garson | 81 93 98 |
| BBC Black Frogs Schieren | John Hilger | 81 15 51 |
| Chorale Ste-Cécile | Jos Zeimes | 81 03 74 |
| Enrôlés de Force | Metty Nickels | 81 94 77 |
| FC Jeunesse Schieren | Marcel Bertemes | 81 83 06 |
| Fraen a Mammen | Irma Feipel | 81 08 88 |
| Gaart an Heem | Gréitchen Bertemes | 81 83 06 |
| Indiaca | Patty Heck | 81 09 46 |
| Jonk Mammen | Maryse Schmit | 81 86 75 |
| Jugend vu Schieren | Laurent Lutgen | 81 24 23 |
| Pompjeeën | Aly Lamborelle | 81 73 05 |
| Schirener Musek | Jean Nickels | 85 94 19 |
| Supporterclub FC Jeunesse Schieren | Gréitchen Bertemes | 81 83 06 |
| Tennis | Romy Zimmer | 81 81 78 |
| Theaterfrënn | Lucienne Pick | 81 95 05 |
| Turnveräin | Juliette Kemp | 81 88 02 |



révélé tout jusqu'au dernier détail, nous énumérons ici les fonctions principales:

- Annonce de la fermeture ou réparation du réseau d'eau;
- Annonce de la vente aux enchères du bois communal ou épiscopal; Annonce du bail des terrains de la commune ou des domaines de l'église;
- Annonce de la distribution de l'argent provenant des syndicats de chasse et de pêche;
- Annonce des réunions ou d'autres manifestations publiques;
- Annonce de la vente aux enchères de gibier tué sur la voie publique;
- Distribution des invitations de participation aux conseillers aux sessions du conseil communal;
- Distribution des factures communales et des bulletins de vote avant les élections;
- Mise à jour du panneau d'information communal;
- à cela s'ajoutait encore une charge désagréable pendant la deuxième guerre mondiale à savoir l'annonce pour l'occupant nazi de la contrainte de hisser le drapeau nazi.

## Aus der Toussengsvilla

Hei e puer Erklärungen zu de verschiddene Rubriken déi virgesinn sin :

***Eis Gemeng an hir Leit***

Präsentatioun vun alle Leit déi fir d'Gemeng aktiv sin

***Aktivitéite vun de Gemengenautoritéiten***

- Rapporten vun de Sëtzunge vum Konsell,
- Communiqués vum Schäfferot,
- Communiqués vun der Administratioun an dem Regiebetrieb

***Etat Civil a Statistiken***

- Gebuerten;
- Stierwfäll;
- Bestiednësser;
- Gebuertsdeg: 80-85-90-95-100,101, etc. Joër (wa méiglech mat Fotoën)

***Gemengereglementer***

- Publizéiere vu de verschiddene Gemengereglementer, vun de bestehenden Taxenreglementer, vun de Prozeduren déi mussen erfëllt si fir eng Baugenehmigung ze kréien

***Verschiddenes***

- Reportage vu Vereedegungen, Scheckiwwerreechungen etc.

---

Quelques explications sur les sujets qui seront traités sous cette rubrique:

***Notre commune et ses citoyens***

- Présentation de toutes les personnes qui, de prés ou de loin, sont actives pour la commune et ses concitoyens.

***Activités des autorités communales***

- Comptes-rendus des réunions du conseil communal,
- communiqués du conseil échevinal,
- communiqués de l'administration et des services techniques.

***Etat civil et statistiques***

- Naissances,
- décès,
- mariages,
- anniversaires 80-85-90-95-100,101, etc. ans (de préférence avec photos).

***Règlements Communaux***

- Publication des règlements communaux, des «règlements taxes» en vigueur, des obligations à remplir pour obtenir une autorisation de construction.

***Divers***

- Reportages d'assermentations, remises chèques etc.

## KONSELL-SËTZUNG vum 18. Dezember 2000

Et waren do: Jos Lutgen, Buergermeeschter; Joseph Zeimes an André Schmit, Schäffen; Antoine Nickels, Juliette Kemp-Weber, Marc Schmitz, Camille Pletschette an Patrick Berwick, Konselljeën.

**Adhésion des communes de Feulen et de Winseler au SIDEN**
De Konsell beschléisst eestëmmig fir d'Gemenge Feelen a Wanseler an den Syndicat Siden opzehuelen. Dëse Gemengesyndikat as kompetent fir d'Gestioun vun der Kläranlag Bleesbréck.

**Approbation de contrats de travail temporaires (remplacement enseignement)**
D'Approbatioun vun verschiddenen Zäitkontrakten fir Ersatzpersonal an de Schoulen aus de leschte Méint as och eestëmmig vum Gemengerot getraff gin.

**Adaptation du tarif à percevoir sur l'enlèvement des ordures**
All d'Gemengen déi dem Müllsyndikat SIDEC ugehéieren, wenden ab dem 01.01.2001 die selwecht Taxe fir d'Poubellen un. Bei di bestehenden Tariffer kënnt och den Tarif fir 60-Liter Poubellen derbäi. Dat as neierdéngs di klengsten Dreckskëscht, déi zur Verfügung steht. D'Poubelle gin och an Zukunft vun der Gemeng verkaaft, a kënnen och ënner Emstänn duerch méi eng kleng ausgetosch gin. Di genee Modalitéiten heifir gidd dir op dem Gemengesekretariat gewuer. Hei di nei Tariffer déi de Konsell eestëmmig festgehal huet:

| | Aktuel | Nei |
|---|---|---|
| POUBELLE 60 L PAR AN | | **5 210** |
| POUBELLE 80 L PAR AN | 4 560 | **6 100** |
| POUBELLE 120 L PAR AN | 5 640 | **7 870** |
| POUBELLE 240 l PAR AN | 10 320 | **13 280** |
| Dispense poubelle grise | | **4 600** |
| SACS DE POUBELLE | 120 | **122** |
| MAT.ENCOMBRANTES PAR M3 | 1 158 | **1 412** |

**Adaptation du prix des repas sur roues**
Well eis Gemeng de „Repas sur Roues" an der Kiche vun der Ettelbrécker Klinik akeeft, si mir och un hir Präisentwécklunge gebonnen. Bis Enn 2000 gët de Präis pro Iessen nach bei 300 Frang gehal, no dem 1. Januar muss sich eis Gemeng awer der Ettelbréck Verwaltung upassen. De Konsell beschléisst duerfir eestëmmig fir de Präis pro Iessen op 350 Frang ze hiewen.



**Programm:**
8. Abrëll : Nationalkongress mat ongeféier 600 Leit an der Sportshal.
9. Juni : akademesch Sëtzung, Fändelweih a Virstellung vun der Festbroschüre.
10. Juni : Mammendagsfeier, um 10.30 Auer Mass an am Nomëtteg Mammendagsfeier mat de Schoulkanner, Gesank an der Musek.



De Comité vum Gaard an Heem am Februar 2001: *v.l.n.r. Jean-Paul Meisch, Willy Biebricher, Nico Goerens, Gréitchen Bertemes, Victor Feipel, Jos Zeimes an Antoine Nickels*

## JONK MAMMEN a.s.b.l. SCHIEREN

Et sinn elo schons 12 Joer hier, datt hei zu Schieren, mat vill Asatz vu fräiwellegen, interesséierten jonke Mammen eng Vereenigung gegrënnt gin ass, déi schons vill Guddes am Duerf bewierkt huet:

- d'Kanner aus dem Duerf koume sech schons vu klengen un vill méi no an haten durch d'Fonktionnement vun dem Spillgrupp manner Problemer wa si an d'Spillschoul koumen.
- Spillplaze goufen opgeriicht an amenagéiert.
- All Freideg huet eng Garderie, mat Mathellef vu fräiwellege Memberen, fonktionnéiert.
- Bazaren, Kach-, Bitz- a Bastelcoursen, Spillnomëtteger asw. hu regelméisseg stattfond.
- Vill Geld sin u sozial Wierker am In- an Ausland gespend gin.
- All Joer hate mir ee Schoulrallye an eng Fuesparty fir d'Kanner.

All dat hätt nit kennen ouni d'Ennerstetzung vun eise Memberen, an de Leit aus dem Duerf, vum Komitee eleng duerchgefouert gin. Et ass awer elo sou, dat den Interesse stark ofgeholl huet, an de Komitee décidéiert huet, aus verschiddene Gënn seng Demissioun ze gin.

Mir hoffen awer stark, datt ët an eiser Gemeng nach jonk Mamme gin, déi sech duefir asetzen, dëse Veräin an dem Sënn, oder villäicht mat neien Ideen, oder enger anerer Zielsetzung, virunzeféieren.

## De „Gaart an Heem“ stellt sech vir

Ech sin op d'Welt komm den 18. Abréll 1926. Domat sin ech den zweeteelsten Veräin aus dem Duerf. Mäi „Papp“ war den deemolege fläissigen an dynamesche Schoulmeeschter Antoine Bourkel. Senger Idee no hu sech spontan 31 weider Awunner aus der Uertschaft ugeschloss fir bei menger Kanddaf derbei ze sin.

En éischte Comité mat dem Här Emile Tibessart un der Spëtz an dem Här Antoine Bourkel als Sekretär as gebild gin fir iwer mein Schicksal ze waachen. Den Här Bourkel huet während ronn 40 Jahr fleisseg alles notéiert wat sech bei mir ofgespillt huet, an ech sin esou kéng ze behaapten, datt sengem kritesche Bléck näischt entgangen as.

Meng Kanner- an och meng Jugendzeit waren nët einfach. An enger Zeit vu wirtschaftlecher a sozialer Nout war deemools, aanescht wéi haut, kee Gaart ze grouss, an dacks huet d'Uebst an d'Geméis derzou beigedroen mëttes sat ze gin.

Bei mengem Geburtsdag hate sie sech zum Zil gesat, d'Leit aus dem Duerf duerch Konferenzen a Vierträg ze beléieren a Sammelbestellunge vu Séimereien a Blummen ze organiséieren.

Et gouf gehale wat versprach gi war. Vill Sammelbestellunge si mat Erfolleg durchgefouert gin. Iwer 130 Versammlunge mat Vierträg oder Konferenzen si ofgehale gin, dovun huet den Här Bourkel der eleng 33 ob sengem Konto stoen.

Ech hun de Leit d'Kréieschelhecken géint de Meltau gesprëtzt; ech hun och gehollef d'Uebstbeem ze schützen virun all méigleche Schädlingen. Dofir verwonnert ët och nët, dat ech heiansdo de „Veräin vun der Schädlingsbekämpfung“ genannt si gin.

Lues a lues sin ech ëmmer méi grouss gin, an ech kann haut op 255 trei Unhänger zielen. Am Laaf vun der Zäit hun sech em mech bekëmmert: siwe Presidenten, dräi Sekretären, véier Keessieren a ronn 30 weider Idealisten.

Dëst Jahr feieren ech schon mäi 75. Gebuerstdag, an trotzdem wees ech nach ëmmer wat meng Zieler waren. Am wesentlechen hu se sech nët geännert zënter der Grënnung. Haut beléieren ech durch Vierträg a Konferenzen iwwer Blummendékoratioun ëm d'Haus an am Gaart a gesin de Sënn an Zweck vum Gaart méi als e Raum vun Erhuelung an Entspanung vum alldeeglechen Aarbechsstress.

Wéi gesot, de Gaart huet haut e bëssen eng aner Fonktioun wéi fréier; dofiir bestellen ech elo och keng Zaloteplanzen méi, mais haut hëllefen ech mat Fënster- a Balkonsblummen d'Duerf méi schéin ze gestalten.

Duerch d'Welt sin ech och schon vill gereest; fréier meeschtens hei am Land oder an der direkter Noperschaft. Haut geet d'Rees heiansdo och emol méi wäit, wie z.B. an den Elsass,op de Bodensee, no Berlin, London, Prag an Dresden.

Ech freeë mech ganz besonnesch, datt am Jahr vu mengem 75. Anniversaire ech d'Éier kritt hun, fir den Nationalkongress den 8. Abréll ze organiséieren.

Dir gesitt, datt ech trotz mengem héigen Alter jonk bliwwe sin, an ech sin iwwerzeecht, datt ech an deene nächste 75 Jahr lech nach dacks zuer Hand wärt goen.

V.Feipel



***<u>Note vum Schäfferot</u>** : Well d'Gemeng eng aner Formel vu Verrechnung ugebuede krut, ass et och an Zukunft méiglich de „Repas sur Roues“ zum Präis vun 300 Frang ze bezéihen. All d'Modalitéiten bleiwen also onverännert an d'Gemeng iwwerhëllt och an Zukunft, zesumme mat der Amiperas, d'Verdeelung vun den Iessen. Dës as dem Konsell an der Sitzung vum 8. Februar 2001 matgedeelt, an och fir gudd befond gin.*

**Adaptation des indemnités revenant aux membres du collège échevinal**
An Uwendung vum groussherzogliche Reglement vum 10. Juli 2000 war dëse Punkt op d'Dagesuerdnung gesat gin. De Konsell wollt d'Diskussioun an d'Entscheedung awer op eng spéider Sitzung verleën, fir nach nodréiglich verschidden Renseignementer anzezéihen.

**Participation communale dans les frais de permis de conduire pour les membres du service incendie**
Op Ufro vun dem Schierener Service d'Incendie huet de Gemengerot sech der Problematik vun den Führerschäiner ugeholl. Duerch die nei Techniken sin am Allgemengen ëmmer méi komplex an och méi schwéier Asaz-Ween am Pompjeeswiesen néidig gin. Dat huet mat sech bruecht, dass déi Veräins-Memberen, déi deen néidigen Camions-Führerschäin hun, ëmmer méi rar gin. Duerfir mussen entweder méi Leit an den Service d'Incendie rekrutéiert gin, déi den Critèren entspriechen oder die aktuell Memberen mussen die néidig Tester ofleën. Fir de Pompjeën hir Beméihungen ze ënnerstëtzen huet de Konsell beschloss all Member, deen d'Prüfung fir den Camions-Führerschäin bestanen huet, 80% vum Präis fir en normalen « C »-Permis bäizeleën. Den Pompjeescorps selwer steiert och nach eng Kéier 10.000 Frang bäi.

**Devis : Travaux de voirie forestière à Schieren « Seitert » parcelles 7-8**
De Konsell beschléisst eestëmmig e Bëschwee an der Seitert ze aménagéieren. Den Devis as mat 1.400.000,- Frang arrêtéiert .

**Conduite d'eau impasse Schmitz à Colmar-Pont**
Am Budget fir 2001 gin 800.000,- Frang ageschriwwen fir d'Waasserleitung op Kolmer-Bréck an der Impasse Schmitz ze erneieren.

**Prolongation du réseau de conduite d'eau aux 3 fermes isolées**
Nodeems d'Besëtzer vum Schierener Haff eng Genehmigung erdeelt kruten, fir den alen Haff ewechzerappen an duerch e Wunnhaus ze ersetzen war vun hinnen och eng Demande un d'Gemeng gericht gin, fir eist Netz vun der Waasserverdeelung op de Schierener Haff ze verlängeren. De Schäfferot huet awer direkt en Devis an Héicht vun 7.500.000,- ausschaffe gelooss fir d'Verlängerung eventuell op die zwee aner Häff auszedehnen. Vun deenen Propriétairen läit zwar keng Demande vir, mee de Konsell wollt sich kreditméissig ofsécheren, fir wann am Laf vun den Aarbichten nach eng Aennerung sollt kommen. Dësen Ausbau gët am iwwrigen no dem Prinzip vun den „Maisons isolées“ behandelt. Deemno gin d'Käschten folgendermoossen opgedeelt :1/3 Staat 1/3 Gemeng , 1/3 Propriétaire.

**Remplacement de l'éclairage du terrain de football**
Well d'Liichtstärkt vun der Beliichtung um Foussball-Terrain nit méi den Normen entsprëcht hat de Schäfferot Präisser ugefrot fir dës Anlag, déi 1983 opgeriicht gouf, rëm op den neitste Stand ze bréngen. Eestëmmig sin 1.500.000.- an den Budget 2001 geschriwwe gin.

**Infrastructures aux terrains de tennis**
Den Tennis-Club hat den Schäfferot op den schlechten Zoustand vun hire Felder opmierksam gemach, an et waren och schons Berechnunge gemach fir eng Erneierung vun dësen Terrainën. Do derniewt hat

de Veräin de Wonsch geäussert fir eng Beliichtung bei de Felder anzerichten, déi de Sportsbetrieb bis an die fréi Owesstonnen erlaabt. De Konsell huet mat 7 Stëmmen géint 1 (André Schmit) beschloss en Kredit vun 3.000.000,- an de Budget ze schreiwen. Den Schäfferot soll sech mat dem Comité eens machen, wéi eng Variant vun neiem Belag a Fro kënnt an ob d'Néidigkeet vun der Beliichtungs-Anlag gin as. Zur Auswahl steht e Belag an "terre battue" fir ronn 1,5 Milliounen oder en „french court" fir ronn 3,0 Milliounen. Den Kredit erlabt also méi Méiglichkeeten.

**Elargissement chemin rural « Um Géier » - rue de la Gare**
De Wee aus dem Duerf an Richtung Sportsinfrastrukturen soll ëm 2 Meter méi breet gemach an mat Stroosseluten ekippéiert gin. De Konsell huet eestëmmig beschloss fir e Kredit vun 4.750.000,-Frang duerfir virzegesin. De Konsell war awer schliesslich och der Meenung fir de Projet schon vun der Rue du Moulin un ze starten, fir och eng definitiv an propper Léisung fir dat bestehend Industriegebidd unzestrengen.

**Agrandissement des boxes de stockage rue du X Septembre**
Eestëmmeg gouf beschloss fir die offen Boxen beim Gemengendépôt an der Rue du X Septembre ze vergréisseren.E Kredit vun 2.7 Milliounen gouf ageschriwwen.

**Acquisition d'un véhicule de transport type GATOR pour les services travaux**
Fir eisen Fuhrpark à jour ze halen goufen 600.000,-am Budget festgehal. Heimadder soll e weidert Transport-gerät ugeschaf gin. Dës Uschafung as néidig gin well eis Gemeng zënter leschtem November e Gärtner beschäftigt, an deemno en neien Zerviss geschafen huet.

**Travaux d'infrastructure rue du X Septembre / Neie Wee**
9.4 Milliounen sin eestëmmig vum Gemengerot am Budget 2001 bereet gestallt gin fir d'Infrastrukturaarbichten an der Rue du X Septembre an am Neie Wee auszeféieren. Waasser-, Kanal-, Antenne- an Erdgas-Netzer sollen verluecht, respektiv erneiert gin.

**Budget rectifié 2000- Budget 2001**
No all deenen Entscheedungen huet de Gemengerot schliesslich den Budget 2001 arrêtéiert: de Budget Rectifié 2000 ass mat 7 Stëmmen géint 1 (Antoine Nickels) ugeholl gin:

| ***Rectifié 2000*** | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| total recettes | 99.232.860 | 10.483.795 |
| total dépenses | 77.931.144 | 23.366.442 |
| boni du compte précédent | 40.683.584 | |
| résultat final | 49.102.653 | |

Den Budget 2001 as eestëmmig festgehal :

| ***Budget 2001*** | Service ordinaire | service extraordinaire |
|---|---|---|
| total recettes | 105.445.572 | 18.875.520 |
| total dépenses | 87.782.488 | 83.622.632 |
| Boni du compte précédent | 49.102.653 | |
| Résultat final | 2.018.625 | |



# Eis Veräiner

An dëser Rubrik soll eis Zeitung de Schierener Duerfveräiner d'Méiglechkeet ginn, sech dem breede Publikum virzestellen. Doduerch kënne si hire Veräin vu senger Enstehungsgeschicht bis an déi hauteg Zait an zousätzlech all hir Aktivitéite beschreiwen a si domadder den Awunner alleguer méi no brengen. Déi Aktivitéite brauche sech awer net nemmen op den Haaptzweck vum Veräin ze beschränken, mee kënnen duerchaus och aaner Organisatioune beschreiwen wéi zum Beispill karitativ Beméihungen, kulturell Manifestatiounen, gesellschafts- oder sozialpolitesch Kontakter.

Zu desem Zweck kritt all Veräin vun eisem Redaktiounskommitee ee Froebou zougescheckt, deen a groussen Zich d'Richtlinne festleet an och eng Hëllef soll sinn fir den Auteur vun der Rubrik. Dobei kann et dann duerchaus sinn, datt ee 50- oder 70-jährege Veräin oder ee mat vill Membere eventuell méi Plaatz an der Zeitung brauch wéi ee Veräin deen eréischt fënnef Joer al ass oder eng kleng Memberschaft huet.

Natiirlech soll daat Ganzt och e bësse mat Fotoën, Karikaturen oder dem Embleem vum Veräin opgelackert ginn, fir datt d'Lektüre vum Artikel nëtt esou drechen ass. No deem dat sech d'Veräiner all der Awunnerschaft presentéiert hunn, kréie si awer weiderhinn d'Méiglechkeet, bei speziellen Uläss sech un d'Schierener Leit ze wenden.

Well jo awer nët all Veräin an der éischter Zeitung ka beschriwwe ginn, leet de Redaktiounskommitee d'Kriterie fest, a wat fir enger Reihefolleg déi eenzel Veräiner sech virstelle sollen, sief ët nom Alter vum Veräin oder aus dem Ulass vun engem Jubiläum. Wann dann ee Veräin nët bei deenen éischten dobei ass, soll och do déi Devise gëllen, mat der mir als Kanner ëmmer getréischt goufen, "de Leschten ass de Beschten".

Notre journal local donne dans cette rubrique aux associations de Schieren la possibilité de se présenter au grand public. Ainsi les responsables peuvent décrire l'évolution de leur club de ses origines à aujourd'hui. En plus ils peuvent évoquer toutes leurs activités, sans devoir se limiter au but majeur, mais en se référant aussi à d'autres organisations à savoir: efforts de bienfaisance, manifestations culturelles, contacts dans les domaines communautaires ou sociopolitiques.

À ce but, chaque club recevra de notre comité de rédaction un questionnaire qui définit en grosses lignes ce que nous demandons à l'auteur de la rubrique. À ce moment, il se peut qu'un club avec un long historique ou avec un grand effectif en membres nécessite plus de place qu'un jeune club. Il va de soi qu'on voudrait illustrer le tout par des photos, caricatures ou emblèmes pour rendre la lecture plus intéressante. Après que toutes les associations aient été passées en revue, elles auront quand même toujours la possibilité de s'adresser à la population de Schieren à l'occasion d'événements spéciaux.

Comme nous n'avons pas la possibilité de présenter tous les clubs dans la première édition, le comité de rédaction va établir la suite dans laquelle les clubs vont pouvoir se présenter, soit par la date de constitution, soit à l'occasion d'un jubilé. Il n'y a pas de raison de se sentir discriminé si on n'apparaît pas dans les premiers journaux, car là aussi la maxime « les derniers sont les meilleurs » compte pour de bon.

# Erëmgekropt, nogesicht, de leschte Beschass

Den Themekrees vun dëser Rubrik ass esou wäit gefächert, datt en nët kann an engem Sammelbegreff erfaasst ginn, mais hien begräift all déi Sujeten, déi an deenen aanere Rubriken nët vertruede sinn. Doduerch erwaarde mir eis, datt sech hei ganz vill Leit ugesprach fillen, fir eis nach zousätzlech Themen virzeschloen.

Als klengen Virgeschmaach, oder och als Usporn fannt Dir hei eng kleng Auswiel vun deene Saachen iwwert déi mir Iech wëllen informéieren:

- d'Geschicht vun de 16 Wirtschaften;
- d'Fonktioun vum Ärmebüro;
- d'Fonktioun vu Juegd- a Fëschereisyndikat;
- Beschreiwung vu Schierener Duerfseechteren;
- deffteg lëtzebuerger Ausdreck;
- Auswanderung an Awanderung;
- ausgestuerwe Betrieber, Handwierker;
- Hamsteren am Krich;
- Schierener Kënschtler;
- ausgefalen Hobbien;
- d'Schierener Bëscher;
- de Wäschbuer;
- d'Kappellen;
- Schierener Missionären;
- Bauerebetrieber;
- verstuerwen Originaler;
- Erklärung vun de Stroossenimm;
- am Asaatz fir äerm a krank Matmënschen;
- d'Geschicht vun der Eisebunn zu Schieren;
- een Haus gët ofgerappt;
- d'Heemecht vun eisen auslännesche Matbierger;
- d'Fonktioun vum Wahlbüro;
- Lausbouwegeschichten;
- an der Uucht;
- Lëtzebuerger Sprooch a Schierener Dialekt;
- Schierener Flouernimm;
- Schierener Spazéierweeër; asw.

La liste des sujets de cette rubrique est tellement grande qu'on ne peut pas la définir par un seul nom, mais on peut dire qu'elle regroupe tous les sujets qui n'ont pas trouvé leur place dans une des autres rubriques. Voilà pourquoi nous pensons qu'elle pourrait instiguer la curiosité de beaucoup de gens afin de nous proposer encore d'autres sujets.

Comme un avant goût ou encore comme motivation, Vous trouvez ci-dessous un petit choix des thèmes que nous Vous proposons de traiter dans cette rubrique:

- l'histoire des 16 bistros; la fonction de l'office social;
- la fonction des syndicats de chasse et de pêche;
- la description des « flâneurs» de Schieren;
- les expressions luxembourgeoises piquantes;
- l'émigration et l'immigration;
- les commerces et artisans en disparition;
- mendier pendant la guerre;
- les artistes de Schieren;
- passe-temps non communs;
- les forêts de Schieren;
- les places historiques de la lessive;
- les chapelles; les missionnaires de Schieren;
- les agriculteurs de Schieren;
- des personnages originaux décédés;
- explication des noms de rues;
- l'aide aux personnes malades ou pauvres;
- l'histoire des chemins de fer à Schieren;
- une maison est démolie;
- l'histoire de nos concitoyens étrangers;
- la fonction de l'office de l'élection;
- les histoires de fainéants;
- le soir devant la cheminée;
- langue luxembourgeoise et dialecte de Schieren;
- les noms de campagne de Schieren; etc.



Den aussergewéinliche Budget am Détail :

| | COMPTE 99 | 2000 initial | 2000 RECTIF | 2001 INITIAL |
|---|---|---|---|---|
| Terrain WILLEMS - am Géier | | 1 500 000 | - | 750 000 |
| Akten: Terrain-Hall | | 2 000 000 | - | 2 000 000 |
| Neien Bebauungsplang | 5 600 | 615 640 | - | 615 640 |
| Gréngfläch beim Gemengenhaus | | 500 000 | - | 500 000 |
| Material Service Incendie | 143 520 | 169 679 | 81 420 | 88 259 |
| Feier-Alarm-Anlag Schoul | 301 389 | 298 611 | 325 003 | |
| Façade Schoul | | 300 000 | - | 300 000 |
| Duebel Verglasung Schoulsäll | | 1 000 000 | 872 390 | |
| Annexe un de Préscolaire | | 1 800 000 | | 1 800 000 |
| Falsch Plafongen Primärschoul | | 1 600 000 | 2 103 327 | |
| Education précoce | 9 684 408 | 22 315 592 | 221 770 | 22 093 822 |
| Pëtz Kräizbierg | | 400 000 | 432 827 | |
| sentier didactique Kiirchgärtchen | | 750 000 | 51 313 | **2 500 000** |
| Mobiliar Spillplatzen | | 1 500 000 | 927 837 | 572 163 |
| Mobiliar nei Anlag um fréiheren Tipp | | 600 000 | | 600 000 |
| Kirfechtsmauer | | 750 000 | | 750 000 |
| apport en capital SIDEN | | 150 386 | | 475 363 |
| Waasserbaséng Léibierg | | 6 500 000 | 6 500 000 | 2 750 000 |
| **Waasserleitung impasse Schmitz -Kolmer-Bréck** | | | | **800 000** |
| **Waaserleitung op d'Häff** | | | | **7 500 000** |
| Kultur-Zenter | | 250 000 | 272 755 | 500 000 |
| Mobiliar fir eis Festsäll | | 250 000 | 250 000 | |
| **Nei Beliichtung Foussball-Terrain** | | | | **1 500 000** |
| **Infrastrukturen um Tennis-Feld** | | | | **3 000 000** |
| Heizungskeller Sportshal | 276 928 | 73 072 | 73 072 | |
| **Partizipatioun un der Erneierung vun der Kolmer Schwämm** | | | | |
| Nei Kiirchenauer | | 500 000 | 445 819 | |
| **Nei Motoren fir Klackenturm** | | | | **300 000** |
| Feldweeprogramm | 959 367 | 750 000 | 571 762 | 900 000 |
| Foussgängerwee laanscht Uelzecht | | 1 200 000 | | 1 200 000 |
| **Verbreederung Rue de la Gare** | | | | **4 750 000** |
| **Bëschwee Seitert** | | | | **1 400 000** |
| Infrastruktur Rue de la Gare | . | 7 000 000 | | 10 000 000 |
| Infrastruktur Rue Lehberg | 20 425 | 6 000 000 | 7 658 033 | 2 000 000 |
| Infrastruktur lotiss.Peusch trottoirs-gaz | 9 286 051 | 1 586 025 | 1 571 075 | |
| **Infrastruktur rue du x Septembre/neie Wee** | | | | **9 400 000** |
| Verkéiersberouhigung | | 800 000 | 608 039 | |
| Gaz-Ofsauganlag - Atelier | | 200 000 | 200 000 | |
| **Vergréisserung Boxen Rue du X Septembre** | | | | **2 700 000** |
| **Uschafung Transporter type Gator** | | | | **600 000** |
| Container-Anhänger | | 1 200 000 | | 1 200 000 |
| Arbechtsgeräter Dépôt rue du X Septembre | | 200 000 | 200 000 | |
| **Cotisation extraordinaire Syvicol** | | | | **77 385** |
| | | | | |
| **TOTAL** | **20 677 688** | **62 759 005** | **23 366 442** | **83 622 632** |

# KONSELL-SËTZUNG vum 8. Februar 2001

Et waren do: Jos Lutgen, Buergermeeschter; Joseph Zeimes an André Schmit, Schäffen; Antoine Nickels, Juliette Kemp-Weber, Marc Schmitz, Camille Pletschette, Patrick Berwick an Jean Mons, Konselljeën.

**Fixation des nuits blanches générales pour l'année 2001**

Fir d'Joër 2001 huet de Gemengerot eestëmmig folgend generell fräi Nuechten erdeelt : Kirmes – Samsdig -Sonndig an -Méindig, Nationalfeierdag a Sylvester

**Office Social : Budget rectifié 2000 / Budget 2001**

Den Budget vun 2001 an den modifizéierten Haushalt 2000 waren vum Bureau vum Office Social zur Approbatioun virgeluecht, an goufen eestëmmig vum Gemengerot festgehal :

| | Rectifié 2000 | Budget 2001 |
|---|---|---|
| **Recettes** | 925.379 | 1.020.000 |
| **Dépenses** | 824.164 | 1.223.815 |
| **Report ex.précédent** | 273.047 | 374.262 |
| **Résultat** | **374.262** | **170.447** |

**Office Social : Renouvellement d'un cinquième mandat du conseil administratif**

A geheimer Wahl as den Häer Jean Eippers vu Schieren eestëmmig an sénger Qualitéit als Member vum Office Social fir weider 5 Joër bestätigt gin.

**Devis : Travaux de réaménagement de la Rue de la Gare à Schieren**

Nodeems d'Stroos duerch eist Industriegebidd schon an zwou éischte Phasen uganks den 90-er Joër neigebaut gi war, soll dat lescht Lous elo zesummen mat der Ettelbrécker Gemeng ausgefouert gin. Den Devis fir d'Arbechten op Schierener Terrain beleeft sech op 10.100.000,- Frang an de Projet gesäit sämtlich Infrastrukturarbechten an die néidig Ekippementer vir.

**Devis : Travaux ordinaires sur la voirie rurale en 2001**

Die gewéinlich Aarbichten un de Feldweër fir d'Joër 2001 sin vun der Ackerbauverwaltung an hirem Devis op 650.000,- Frang berechend gin. De Gemengerot huet eestëmmig zougestëmmt fir d'Weër op « Schmitzbierg » an « Wieschen » frësch ze ma'n.

**Fixation des indemnités des membres du collège des bourgmestre et échevins**

An Uwendung vum groussherzogliche Reglement vum 10 Juli 2000 huet de Gemengerot beschloss d'Indemnitéieten fir d'Memberen vum Schäfferot unzepassen. Mat 8 Stëmmen géint 1 (Antoine Nickels) as dat fir die Schierener Gemeng festgehal wat an enger Gemeng vun eiser Gréisstenuerdnung a Fro kënnt:

D'Indemnitéit vum Buergermeeschter gët bei Index 100 : 1.296 Euro (301.361,- LUF/ Joër) pro Joër, déi vum Schäffen 648 Euro (151.935 LUF/ Joër)

**Fixation des jetons de présence au membres du conseil communal**

Och bei dësen Punkt sollt sech d'Meenung vum Gemengerot nit all zevill vun däer vun all den anere Gemengen ennerscheeden. Eng Majoratioun vun de Schäfferotsindemnitéiten vun ronn 16% zit eng Erhéigung vun de Präsenzgelder fir d'Gemengeréit a selwechter Héicht no sech. Deemno huet de Gemengerot mat mat 8 Stëmmen géint 1 (Antoine Nickels) beschloss d'Präsenzgelder op 14,00 Euro index 100 (3.253 LUF) ze hiewen.



# Schieren gëschter an haut

Dësen Thema kann an dräi Rubriken ënnerdeelt gin. Déi éischt an déi zweet Rubrik sollen Themen vu gëschter a vun haut erfaassen, déi sech spezifisch op Schieren bezéien. An der drëtter Rubrik soll de Vergleich vun Heiser, Gebeier, Stroossen a Plaazen, zwëschent gëschter an haut mat Fotoen illustréiert gin, an domadder gläichzäiteg eis lokal Zeitung beliewen an oplokeren.

Hei kann awer och déi geegent d'Plaaz sin, fir aal Gebräicher, Buereregelen asw. zeréck an Erënnerung ze ruffen.

SCHIEREN GESCHTER.

- De Numm Schieren, wou kënnt en hir, wéini daucht en fir d'éischt op?
- D'Birtrenger Schlass, d'Baronsbréck, d'Routbuchenallée, d'Schierener Millen, d'Schierener Klacken, d'Schierener Gare, de Pëtz um Kräizbierg,
- d'Fester a Feieren zu Schieren,
- de Velosclub, asw.

SCHIEREN HAUT

- Seng Haaptstrooss,
- de Pavé op der Valisplaaz,
- d'Sportshaal,
- d'Gemeinschaftsantenne,
- den neie Wasserbaseng um Lehbierg,
- d'Gasleitungsnetz, asw.

SCHIEREN AM VERGLEICH GESCHTER AN HAUT

- D'Gemengegebeier,
- d'Haaptstrooss, aner Stroossen a Gaassen,
- d'Gare an den Zucharrêt,
- den Dréckstipp,
- Heiser a Fassaden,
- verschidde Plazen,
- d'Duerfentwecklung, asw.

All weider Ideen an Theme si jidderzeät wëllkomm.

SCHIEREN HIER ET AUJOURD'HUI

Ce thème se subdivise en trois rubriques; la première et la deuxième rubrique traitent des sujets d'hier et d'aujourd'hui, qui ont une relation spécifique avec la localité de Schieren. La troisième rubrique est destinée a illustrer au moyen de photos pour documenter la comparaison entre hier et aujourd'hui des maisons, bâtiments, rues et places.

C'est aussi la place idéale pour rappeler en mémoire de vieilles coutumes et règles paysannes etc.

SCHIEREN HIER

- Le nom Schieren, son origine, sa première apparition,
- le château de Birtrange,
- le pont du château,
- l'allée des hêtres rouges,
- le moulin de Schieren,
- les cloches de Schieren,
- le bâtiment de la gare,
- le puits du Kräizbierg,
- fêtes et cérémonies à Schieren,
- les clubs ou activités disparus, etc.

SCHIEREN AUJOURD'HUI

- la traversée de Schieren,
- le pavé de la Valisplaaz,
- la salle des sports,
- l'antenne collective,
- le nouveau bassin d'eau au Lehberg,
- la conduite de gaz, etc.

SCHIEREN EN COMPARAISON HIER ET AUJOURD'HUI.

- les bâtiments communaux,
- la route principale, autres rues et ruelles,
- la gare et l'arrêt ferroviaire,
- la décharge publique,
- maisons et façades,
- le développement rural, etc.

D'autres idées et sujets sont les bienvenus.

**Der Wald**

An einem Nachmittag sind wir in den Wald spazieren gegangen und Dominique, eine Erzieherin, hat uns erklärt wie man Tannenbäume züchtet um sie später als Weihnachtsbäume zu verkaufen, welche Arten von Wäldern es in den Ardennen gibt und welche Wälder die wilden Tiere bevorzugen. Man erklärte uns auch, dass angepflanzte Wälder mehr Geld einbringen würden, als Wälder, die von der Natur aus entstanden sind. Dies war ein sehr lehrreicher Tag.





La classe a encore visité la basilique et le musée de Saint-Hubert, une pisciculture, une salaison ainsi qu'une station hydroélectrique. Le séjour a été très instructif pour les enfants et ils ont fait connaissance d'un autre mode d'enseignement.

**(d'Schüler aus dem 6. Schouljoer)**





**Fixation des indemnités revenant aux agents recenseurs du recensement général en février 2001**

All zéng Joër sin bei eis am Land die grouss Vollekszählungen. De Schäfferot huet 10 Leit chargéiert déi Arbechten ënner Contrôle vun Gemeng an ënner Organisatioun vum Statec auszeféieren. Fir d'Renceseuren fir hiren ongewéinlich héigen Aarbichtsopwand ze indemniséieren huet de Konsell beschloss hinnen déi selwecht Indemnitéit aus der Gemengekeess zoukommen ze loossen , wéi sie se vum Statec kréien.

**Acte notarié: Commune de Schieren – Fabrique d'Eglise de Schieren**

De Konsell ënnerschreiwt eestëmmig en notariellen Akt, deen an Applikatioun vun enger Konventioun vum 11 März 1999 opgestallt as. Et as heiranner festgehal dass d'Gemeng de gesamten Terrain hannert der Kirch krit, fir do ënner anerem e Léierpad anzerichten. Als Géigeleeschtung iwwerhellt d'Gemeng definitiv all d'Käschten vun der Kirchenheizung.

**Bâtisses: Approbation provisoire d'un projet d'aménagement particulier à Schieren-Peteschfeld (Relotissement Garson Nico)**

An der Sitzung vum 20.02.1995 war vun eisem Gemengerot e Lotissements-Projet an der Bach genehmigt gin. E vun de Co-Lotisseuren, den Häer Nico Garson, huet elo ugefrot fir aus enger Grupp vun 3 Heiser am Agank vun der Strooss zwee jumeléiert Heiser virzegesin. De Gemengerot huet dëser Demande eestëmmig zougestëmmt, an am Kader vun de legale Prozeduren muss den Dossier 30 Deeg aushänken äert en definitiv ka genehmigt gin.

**Règlement communal sur les chiens**

Wéi am leschte Joër ëmmer méi heefig Fäll vun Agressiounen vun Hënn op Mënschen gemellt goufen, sin ëmmer méi Stëmmen opkom fir die sougenannte d'Kampfhonn ze verbidden. Den Innenministère huet doropshin de Gemengen eng Propose vun neiem Hondsreglement gemach, wat och vum Schierener Gemengerot eestëmmig ugeholl gin as. De geneën Text vum Reglement gët an enger nächster Nummer publizéiert

**Approbation de contrats de louage de service – personnel d'enseignement remplaçant**

De Konsell huet eestëmmig eng ganz Reih vun zäitlich begrenzte Arbechts-Kontrakter guddgeheescht. Et handelt sech ausschléisslich ëm Kontrakter vun Ersatzpersonal am Schoulwiesen

**Participation de la commune de Schieren à l'Observatoire Régional Nord (ORENO)**

Wéi viru Joëren den Leader-Programm mat europäische Geldmëttelen ugefangen huet verschidden Initiativen ze ënnerstëtzen, déi der Entwécklung vum ländliche Raum konkret zegudd koumen, as gläichzäitig festgeluecht gin, dass all dës Initiativen zäitbegrenzt wiren. D'Projetën konnten deemno mat Mëttelen gestart gin, déi die eenzel Gemengen nit haten. Eng vun deenen Initiativen as den ORENO, den Observatoire Régional du Nord, deen all méiglich Studien iwwert die ländlich Entwécklung vun der Nordregioun ausgeschafft huet, an se de Gemengen zur Verfügung stellt. Sou kënnen d'Gemengen op ganz nëtzlich Informatiounen zréckgräifen, wann sie sech an hire Projetën engagéieren. Den ORENO as a sengem Finanzement a Fro gestallt, well die europäisch Gelder nit méi fléissen. Fir de Fortbestand vun der Iddi ze garantéieren,sollen d'Gemengen sech elo zesummendon, an die néideg finanziell Mëttelen am Verhältnis zu hirer Gréisst zur Verfügung stellen. Fir die Schierener Gemengekees kënt eng Ausgab vun ronn 20.000 Frang a Fro. De Konsell huet säin formellen Accord, gin ënner der Bedingung, datt déi zoukënftig finanziell Belaschtungen ganz konkret definéiert gin.

C.Schaul

## Etat civil



### Gebuerten am Joër 2000

| NOM | PRENOMS | DATE |
|---|---|---|
| ALVES MARTINHO | JESSICA | 01 12 2000 |
| Fille de ALVES DA SILVA Manuel et CARVALHO NEVES Paola | | |
| ALVES MONTEIRO | KATHLEEN | 12 05 2000 |
| Fille de DA CUNHA MONTEIRO Fernando et ALVES TEIXEIA Alexandrina | | |
| CARVALHO OLIVEIRA | SARA | 07 02 2000 |
| Fille de PEREIRA DE OLIVEIRA Carlos et DOS RIOS CARVALHO Rosa | | |
| DOERFEL | JERRY | 05 7 2000 |
| Fils de DOERFEL Christian et HARDT Josée | | |
| DZINIC | INELA | 11 02 2000 |
| Fille de DZINIC Meho et SUSIC Mersiha | | |
| FERREIRA | DANY | 10 07 2000 |
| Fils de CACEIRO FERREIRA Mario et GONCALVES PEREIRA Emma | | |
| GARSON | GENE | 20 10 2000 |
| Fils de GARSON Frank et PACINI Sandra | | |
| KUGENER | POL | 17 05 2000 |
| Fils de KUGENER Yves et PETIT Lony | | |
| LEITE QUEIROS | PAULO | 08 09 2000 |
| Fils de QUEIROS LOPES Carlos et GONCALVES LEITE Maria | | |
| LEUCK | JONA | 05 05 2000 |
| Fils de LEUCK Patrick et SCHOER Tonia | | |
| MAGALHAES DE MOURA | MARCO | 16 11 2000 |
| DE MOURA MAGALHAES Manuel et RIBEIRO MAGALHAES Maria | | |
| NASCIMENTO BRITO | MOLLIE | 08 07 2000 |
| Fille de NASCIMENTO BRITO Drian et GRAVUSA Francesca | | |
| PALMIERI | GIANVITO | 02 07 2000 |
| Fils de PALMIERI Paolo et DA MATA ROMA Jacqueline | | |
| PEREIRA VIEIRA | PETER-JAMES | 02 05 2000 |
| Fils de PEREIRA VIEIRA José Manuel et DOBBIN Sarah | | |
| RODRIGUES | TATIANA | 28 08 2000 |
| Fille de RODRIGUES Augusto et DA CRUZ Cesaltina | | |
| RODRIGUES MARTINS | ZOE | 18 01 2000 |
| Fille de RODRIGUES MARTINS Sergio et SCHMIT Nancy | | |
| SCHILLINGER | MARC | 01 07 2000 |
| Fils de SCHILLINGER Christian et POTT Marcelle | | |
| SCHROEDER | LYNN | 10 10 2000 |
| Fille de SCHROEDER Irma | | |





Nachdem wir uns die Tiere angesehen hatten und die Erzieherin mit ihren Erklärungen fertig war, gingen wir noch in eine Imbissstube etwas trinken. Später spazierten wir zurück zur Herberge.

**Les planeurs et la station météo - die Wetterstation**

A l'aérodrome de Saint-Hubert, il y a un hangar pour les planeurs et les petits avions à moteur. Stan, un éducateur du centre, nous a expliqué qu'un planeur n'a pas de moteur et que l'avion le tire avec une corde jusqu'à une certaine hauteur. Le planeur vole grâce à l'air chaud ascendant qu'il trouve dans les nuages.

Il pèse entre 300 et 500 kilos et fait entre 250 et 350 kilomètres par heure (comparable à la vitesse d'une voiture de course).

Pour pouvoir piloter un tel engin il faut avoir 15 ans au moins, faire un stage de deux semaines avec un moniteur et passer un examen théorique ainsi qu'un examen de vol.





Die Wetterstation von Saint-Hubert befindet sich neben dem Flugplatz. Hier gibt es verschiedene Geräte die man uns alle gezeigt und erklärt hat: zum Beispiel das Barometer zum Messen des Luftdrucks, das Anemometer zur Messung der Windgeschwindigkeit, das Thermometer zum Messen der Temperatur, der Pluviometer zur Messung des Niederschlags und noch viele andere Geräte.

# Séjour à Saint-Hubert (B)





**Wéi ët zu eisem Ausflluch op Saint-Hubert koum !**

Irgendwann, am 5. Schouljoer, huet eis Joffer virgeschloen mat enger Klass vu Jette (vu Bréissel an der Belge) ze schreiwen, well si de Schoulmëschter vun däer Klass kennt. Mir hun ofgestëmmt, an d'Mehrzahl war dofir. Esou koum et datt mir matt der Klass vum Micha (sou heescht de Schoulmëschter vu Jette) Bréiwer geschriwwen hun. Well all Joer 5. an 6. Schouljoer vu Jette fir zwou Wochen op Saint-Hubert fueren, huet eis Joffer virgeschloen si een Dag dohinner besichen ze goen. Duerch d'Ennerstëtzung vun eiser leiwer Gemeng konnt dëst verwirklecht gin. Et war scho komesch zu Saint-Hubert: Hei war alles anescht obwuel et nëmmen puer Kilometer vun der lëtzebuergescher Grenz weg ass. Am Ufank, hate mir Sträit mat deene Jetter. Zum Schluss ass et awer gang an mir ware verschidde Sachen mat hinnen kucken. Och dëst Joer hun mir eis erem geschriwwen. An esou koum et datt eis Joffer bei der Gemeng ugefrot huet fir 5 Deeg op Saint-Hubert ze fueren. Natiirlech hat de Jos och héi näischt dergéint. Wat do alles geschitt ass kënnt dir an deenen nächsten Abschnitter liesen.



**Le parc à gibier- der Wildpark**

Le premier jour, nous sommes allés nous promener dans les bois jusqu'à un parc à gibier. Nous y avons vu des sangliers, des cerfs, des biches, des marcassins, des laies, des mouflons et d'autres dont j'ai oublié les noms. Une éducatrice du centre nous a expliqué tout sur ces animaux : leurs noms, l'environnement dans lequel ils vivent, ce qu'ils mangent etc.




**Si hun eis am Joër 2000 fir ëmmer verlooss**

| NOM | PRENOMS | AGE |
|---|---|---|
| GENGLER-GOEBELS | BARBE | 95 |
| WAGENER | LOLY | 95 |
| SCHWACHTGEN | MICHEL | 93 |
| BOCK-WERGENS | BARBE | 86 |
| MELSEN-FRIDERES | ELISE | 85 |
| CALMES-FELLER | ALICE | 78 |
| BAUS-GLODE | SUZANNE | 77 |
| SCHOLER-MORN | HANNA | 76 |
| GOERGEN | ALOYSE | 73 |
| MOHR-PUTZ | MAGGY | 70 |
| NOWOTNY | HENRI | 69 |
| METZ | JEAN | 67 |
| RUTH | THEODORE | 64 |
| HILGER | JULES | 60 |
| SCHMIT | JOSETTE | 44 |
| RODRIGUES | TATIANA | 2 MOIS |



**Hochzäiten op der Gemeng am Joër 2000 zu Schieren**

| | | |
|---|---|---|
| RAYECK Alain | - BOUCHE Véronique | 03.03.2000 |
| GARSON Marc | - SCHILTZ Martine | 30.06.2000 |
| SADLER Gaston | - PERRARD Véronique | 21.07.2000 |
| SCHMITZ Alex | - AHLES Thérèse | 04.08.2000 |
| FRETZ Alain | - WELTER Sandy | 08.09.2000 |
| SACHSEN Raymond | - HANFF Joëlle | 15.09.2000 |



## Vereedegungen

Suite au décès du regretté Jules Hilger et à la démission de Pierre Feinen des élections complémentaires avaient été fixées au 8 octobre 2000. Etant donné que pour les deux places vacantes une seule candidature avait été reçue Patrick Berwick a été déclaré élu d'office.

Le Ministre de l'Intérieur insistant que le conseil communal soit complet, de nouvelles élections complémentaires ont été arrêtées pour le 14 janvier 2001. Le seul candidat Jean Mons se voyait également élu d'office.

Il convient de souligner que tant Patrick Berwick que Jean Mons étaient déjà membres du conseil communal dans le passé.

Nom Dout vum Schäffe Jules Hilger an der Demissioun vum Rot Pierre Feinen, wäre Komplementarwahlen fir den 8. Oktober 2000 fixéiert. Den eenzege Kandidat war de Patrick Berwick an hien ass direkt erakomm.

Den Inneminister huet drop gehalen, datt de Schierener Gemengerot komplett muss sin an huet dofir nach eng Kéier Komplementarwahle fir de 14. Januar 2001 ugesat. Och hei war een eenzege Kandidat a sou ass de Jean Mons „élu d'office".

De Patrick Berwick an de Jean Mons waren der Vergaangenheet schons am Gemengerot vertrueden an op de Fotoë gesi mir d'Vereedegungen duerch de Buergermeeschter.



*Patrick Berwick*



*Jean Mons*



## Eis Schoul

An dëss Rubrik passt alles wat mat der Schoul zesummenhängt. Mir hun d'Rubrik an dräi opgedeelt: Schoul-aktuell, d'Schoulkanner erzielen, Schoul-gëschter. Domat hoffe mir, datt mir och bei dëser Rubrik all Alter uschwätzen.

Ennert dem Kapitel "Schoul-aktuell" gesi mir Saache wéi:

- d'Schoulorganisatioun;
- aktuell Informatiounen aus der Schoul: wat gëtt ët Neies, wat ass am Gespréich;
- Virstellung vun den Klassen an hirem Schoulpersonal;
- Virstellung vun der Schoulkommissioun an hiren Aufgaben;
- Virstellung vum Inspektor; asw.

Ennert dem Kapitel "d'Schoulkanner erzielen" wëlle mir eis Kanner selwer zu Wuert komme loossen. Flott wieren Aufsätz, Suggestionen, Ideen, Kommentairen, Zeechnungen, Reportagen asw. D'Kanner sollen dat och kënnen an däer Sprooch maachen, déi hinnen am beschte läit. Mam Delegéierte vum Léierpersonal versiche mir fir all Editioun eng aner Schoulklass heifir ze motivéieren. Natierlech sin déi jonk Redakteuren, déi gäer méi oft eppes an d'Zeitung wëlle schreiwen, zu all Moment wëllkomm.

De leschte Volet "d'Schoul gëschter" schliesslech soll ee Réckbléck ginn iwwert dat wat d'Schoul war. Dëst ass den Deel fir déi di haut nët méi an d'Schoul ginn oder keng Kanner méi hun déi dra ginn. Och hei ginn ët interessant Saache wéi:

- Interviewer mat deem freiere Lehrpersonal, dat zu Schieren laang Joeren aktiv war;
- wéi war ët fréier an der Schoul;
- d'Schoul am Krich;
- u wat kann den ............ sech erënneren aus sénger Schoulzäit; si sinn 1991, 1981, 1971, 1961, 19..1 zu Schieren an d'éischt Schouljoer gangen;
- déi verschidde Gebeier an deenen zu Schieren Schoul gehal gouf; asw.

Nous avons subdivisé cette rubrique en trois parties, afin d'intéresser tout un chacun, peu importe son âge, également à cette rubrique: l'école d'aujourd'hui, la parole est aux écoliers, l'école de hier.

"L'école d'aujourd'hui" vous renseignera sur l'actualité à l'école:

- l'organisation; quoi de neuf;
- présentation des différentes classes et de leurs enseignants;
- présentation de la commission de l'école et de leur compétence;
- présentation de l'inspecteur;
- etc.

La partie "Les écoliers racontent" est réservée à nos enfants. Qu'il s'agisse de poèmes, de dissertations, de récits, de reportages, de poèmes, de dessins, tout est le bien-venu. Bien entendu les enfants les rédigeront dans la langue de leur choix. Ensemble avec le délégué des enseignants nous essayerons de faire participer à chaque édition une autre classe. Bien entendu les jeunes rédacteurs qui le désirent peuvent participer aussi souvent qu'ils le souhaitent.

Le dernier volet "l'école d'antan" finalement est destiné à nous faire découvrir l'école d'il y a un certain nombre d'années comme p.ex.:

- interviews avec l'ancien corps enseignant qui a passé un certain nombre d'années à Schieren;
- l'école pendant la dernière guerre mondiale;
- les souvenirs de Madame ou Monsieur .... quant à leurs années scolaires;
- ils ont fréquenté l'école pour la première fois en 1991, 1981, 1971, 1961, 19..1 à Schieren;
- les différents bâtiments qui servaient d'école à Schieren; etc.